

déi *K*onservativ

Pressematdeelung

19.02.2018

Als klenge Rappel: Eis Positioun zum CGFP-Ultimatum.

D'Partei **déi Konservativ** mell sech via Pressematdeelung op e Neits zu Wuert, well si, bezunn op den CGFP-Ultimatum, engersäits nach eemol de Rappel fir hir politesch Positioun maache wëll, anerersäits, op d'Pressematdeelunge vum 16.11.2017 mam Titel "*Nee fir d'Internationaliséierung vun der Fonction Publique!*" a vum 29.11.2017 mam Titel "*Eis Positioun: Fir d'gewerkschaftlech Sozialinteressen!*" verweise wëll, déi un d'Lëtzebuerger Press gongen. Déi Konservativ hu mat Zäite, Kloertext geschwat. Mir bezéien eis mat dësem Schreiwes, nach eemol gäre konkret op déi wichtegst Punkten, déi d'aktuell Reformpolitik vum Staatsdégtsch betreffen.

1. Mir verrieden d'Positioun, datt d'Fonction Publique eng lëtzebuergesch Institutioun mat nationalsouveränem Exercice bleift, a keng weider politesch Internationaliséierung erlieft, dat heescht, keng méi wäit Ouverture fir Ausländer, an de Respekt fir déi wichteg Berufsconditiounen Lëtzebuerger Sprooch a Nationalitéit (*als Erënnerung: Schonns 2009 ass d'Lëtzebuerger Nationalitéit fir d'europäesch Identitéit als Kritär geweecht an domat och deels eng Entnationaliséierung a Kraaft getrueden.*)
2. Mir verrieden d'Positioun, datt de sozialpolitesche Charakter an der Fonction Publique erhale bleift, dat heescht, datt d'antisozial Diskriminéierung an der Pairegelung, de System 80/80/90, kee positive Reformpunkt ass an ofgeschafft gehéiert.
3. Mir verrieden d'Positioun, datt de Bewäertungssystem kee gudden Bäitrag fir e gesond Aarbechtsklima ass, a wuel éischer e Berufsiërgernes fir d'Staatsbeamteschaft ass.
4. Déi Konservativ verrieden d'Positioun, datt de primäersten Akzent op enger integraler Reform vum Staatsexamen läit.

gezeechent,

déi Konservativ